

## Interview mam Pierre Werner (CLT, 22. August 1968)

**Source:** Pierre Werner (CSV) Ministre d'Etat : Prise de Position du Gouvernement Luxembg. / PIERRE WERNER, Robi Rauchs.- Luxembourg: CLT [Prod.], 22 août 1968. CLT-UFA, Luxembourg. - SON (04:37, Montage, Son original).

CLT-UFA, 45, Boulevard Pierre Frieden, L-1543 Luxembourg.

**Copyright:** Transcription CVCE.EU by UNI.LU

Tous droits de reproduction, de communication au public, d'adaptation, de distribution ou de rediffusion, via Internet, un réseau interne ou tout autre moyen, strictement réservés pour tous pays.

Consultez l'avertissement juridique et les conditions d'utilisation du site.

**URL:** [http://www.cvce.eu/obj/interview\\_mam\\_pierre\\_werner\\_clt\\_22\\_august\\_1968-lb-09565322-ac93-41d0-b428-0a1e2315b334.html](http://www.cvce.eu/obj/interview_mam_pierre_werner_clt_22_august_1968-lb-09565322-ac93-41d0-b428-0a1e2315b334.html)

**Date de dernière mise à jour:** 13/04/2017



[Journalist] D Haltung vun der Lëtzebuerger Regierung an der tschechoslowakescher Entwécklung ass bekannt: obschonn Dir net wéi aner auslännesch Regierungen direkt vu sowjetescher Säit informéiert gouft, Här Staatsminister, huet d Regierung direkt gëschter mëtten eng kloer Positioun géint d Besetzung vun der Tschechoslowakei duerch d Truppe vun de fënnef Warschau-Pakt-Staate geholl. Wéi gewuer ze gi war, hat Dir haut verschidden diplomatesch Kontakter. Gëtt et dorop hin vläicht e Changement an der Haltung vun der Lëtzebuerger Regierung?

[Pierre Werner] Ech wëll direkt vläicht eppes rektifizéieren: effektiv huet de sowjeteschen Ambassadeur gëschter mech opgesicht an huet mer am Laf vum Dag e Message vun der sowjetescher Regierung iwwerreecht. Ech hunn dee Message kritt wéi aner Präsidente vu Regierungen an anere Länner, an den Inhalt ass och deen nämlechte wéi deen, dee scho bekannt ass. Mä ier den Ambassadeur bäi mir wor, hat ech schonn de Regirungsrot zesummegeruff, a mir hu gemengt, meng Kollegen an ech, datt ënner deenen jetzegen Ëmstenn et un der Regierung wäer, fir eng ganz kloer Positioun ze bezéien. An dat ass och den Zweck gewiescht vun der Deklaratioun, déi mir no deem Regirungsrot do verëffentlecht hunn. Et ass net un ons, fir elo d international Liewen ze erschwéieren oder eng Hetz matzemaachen, mä mir mengen, a sou Ëmstenn wéi déi hei misst een eng ganz kloer Sprouch schwätzen. Déi Sprouch hu mir an der Deklaratioun geschwat. Ech hunn och dem Ambassadeur bäi sengem Besuch matgedeelt, datt d Regierung an deem Sënn géing Stellung huelen.

[Journalist] Huet eis Regierung un eventuell Schrëtt geduecht, déi si vläicht mat anere Regierungen zesumme kënnert ënnerhuelen? De Mëten just nach hu mir um Télex geliest, d Schwäiz hätt den tschechesche Flüchtlinge politeschen Asil zougeséichert. Ass eventuell u sou Moosname geduecht ginn?

[Pierre Werner] Onsen Ausseminister, dee steet selbstverständlech a Kontakt mat senger Kollege vun deenen anere westleche Länner, fir ze kucken, wat een effektiv ënnert deenen jetzegen Ëmstenn ka fir d Tschechoslowakei a fir hir onglécklech Awunner maachen. Dat hu et sech lo nach net genügend präziséiert. Dir wësst jo och, datt de Sécherheitsrot vun den Nations Unies mat der Fro betraut ass. Ob dat och nach an d Assemblée générale kënnert, dat musse mir elo mol gesinn. Jidderfalls wësst Dir, datt mir ganz staark fille mat dem tschechesche Vollek an dëser Zirkonstanz.

[Journalist] Här Staatsminister, wat haalt dir vun der Stellungnam vum fransésische Staatspräsident De Gaulle? Besteet net, wa seng B

ehauptungen, d Bestëmmunge vun der Yalta-Konferenz géifen ëmmer sou strikt agehale ginn, eng Gefoer fir all kleng Natiounen?

[Pierre Werner] Déi Décisiounen, déi zu Yalta senger Zäit geholl si ginn, dat wore politesch Décisiounen, déi wahrscheinlech am Liicht vun der Situatioun geholl si ginn, wéi si eben deemols bestanen huet, a mir kënne selbstverständlech déi Décisiounen net als definitiv ugesinn. Mir wësse jo selbstverständlech, datt et haut schwéier ass, fir iirgend e Land an der Welt ganz eleng do ze stoen, an datt noutwendegerweis d Länner sech gruppéieren wéinst hirer Sécherheet, wéinst hirem wirtschaftleche Fortschrëtt an esou weider, mä déi Zesummeschlëss, déi solle geschéien tëschent souveränen Natiounen am volle Besëtz vun hire Rechter a selbstverständlech ouni Amëschung vun deem engen an deem anere seng inner Ugeleënheeten. Ech mengen, an deem Sënn ass net ze verwerfen e gewësse Gruppement vun de Länner, mä et soll e Gruppement si vu fräie Länner mat fräie Bierger.

[Journalist] Här Staatsminister, wéi steet d Regierung zou der ugeknegter Demonstratioun vun haut den Owend um Knuedler?

[Pierre Werner] Souwäit déi Demonstratioun an enger anerer Form deem Ausdréck gëtt, wat mir an onser Deklaratioun gesot hunn, kënnen mir ons der Saach uschlëssen, selbstverständlech. Mir hoffen, datt dat op eng wierdeg Manéier ofleeft, sou wéi och d Organisateuren et geduecht hunn. Et soll eben jo, wéi gesot ass ginn, e Schweigemarsch sinn. T ass jo och dat, wat een ënner deenen jetzegen Ëmstenn bal nëmme ka maache fir d Tschechen. Et muss een och sech inspiréieren, ech géing bal soen, un der Haltung vun den Tschechen selwer, déi wierklech sech ganz wierdeg an digne an dësen Ëmstenn behuelen.

[Journalist] Merci, Här Staatsminister.